

# WANDROUS

N°373 Heemount / Hierschtmount / Wäimount 2019  
Juli / September / Oktober



Kënnt **5 mol pro Joér raus**

Abonnement **25,00 Euro**

CCPL: **LU82 1111 0498 5493 0000**

Chefredakter: **MOYANO Guy (Crotale)**  
> resp. **CheffenEkipp LBB**

Verantwortlech vir Drock an Verschécken: **LBB**

E-Mail: **wandrous@lionsbleus.lu**



# Les amis des Lions Bleus

## Les amis des Lions Bleus

Erënners och Du Dech un di Campen, déi sech herno als mémorabel erausgestallt hun, un d'Activitéiten wous Du Dech herno gefrot has, wéi daat méiglech wor, schwätz och Du nach allekéiers iwver deng Scoutszäit wanns de én vun dengen alen Scoutsfrënn erëmgesäis?

Bas och Du frou dat deng Kanner an den Scouten sin, an schmunzels Du net heiånsdo wann Deng Kanner no enger Activitéit, drekkech an midd, mé mat blénkechen An verzielen waat se alles um Camp erliewt hun? Bas Du net heiånsdo eng Grimmelmancholesch dass Du mat Denger Scoutszäit ofgeschloss hues, oder einfach aaner Weee'r gaang bas?

Bedenk dat während Denger Scoutszäit Cheffen do worn di sech em Dech gekëmmert an gesuergt hun, an elo sin nach èmmer Cheffen do, di sech èm Deng Kanner këmmeren an suergen. Datt d'Home ènnerhal, gebotzt, vergreissert gin ass an nach èmmer gebotzt an ènnerhal gët.

Vun all Scoutsgeneratioun hun sech der e puer dozou entschéd Responsabilitéit ze iwwerhuelen, an weider un dém Scoutswé ze bauen dén virun 100 Joér vun Brownsea aus an di ganz Welt erausgebaut gin ass.

Wells och Du datt d'Scouten weider bestoën kënnen an datt weiderhin Kanner vun Jugendlechen ausgebild, an op hieren Liewenswé virberéd gin?



### Dann zéck nüt an gëff elo direkt Member vun den “AMIS DES LIONS BLEUS”

# ? VIRWAT ?

D'Amis des Lions Bleus bestinn zum Dél aus activen wi inactiven Memberen, mé och aus Elteren, Frënn a Bekannten, di all én gemeinsamt Ziel hun: d'Weiderbestoën vun den Lions Bleus ze garantéieren. Och wann en Dél vun dénen Memberen weiderhinn am Hannergronn vir den Groupe actif sin, verhënneren së awer allegueren mat hieren Donën, dat di aktuel an di nächst Cheffengeneratiounen duerch Geldsuergen vun hierer Haaptcharge ofgelenkt gin.

D'Amis des Lions Bleus sin Leit di nüt wëllen, nüt kënnen, keng Loscht oder einfach keng Zäit mi hun vir sech actif bei den Lions Bleus ze engagéieren, an dowéinst dem Groupe op eng onkomplizéiert an extrem efficace Manéier hëlfelen: duerch en regelméisseggen Don.

D'Capital waat esou am Laaf vum Joér zesummen kënnnt gëtt vum Comité de gérance verwalt, d'Konten stinn vir jidderén op, an gin wi all Joér op der Assemblée Générale veröffentlecht.

Dofir ènnerstez och DU ons, wann ech gelift,  
mat engem “ordre permanent”\*  
vun 5,00 / 10,00 / 15,00 Euros\*\* pro Mount  
op onsen CCPL: LU 82 1111 0498 5493 0000  
mat der Mentioun “Les amis des Lions Bleus” + Numm oder Anonyme

\* Vir onsen Budget besser kënnen opzedélen zéien mir vir regelméisseg en klengen Bäitrag ze kréien, esou kënnen mir mat an op en “revenue” zielen, an domadder rechnen. No Ênnen an Uewen sin keng Limiten gesaat.

Natierlech fréén mir ons iwvert en émolegen oder regelméisseggen Don!

\*\* Mir sin der Ménong dat eng kleng an regelméisseg Finanzsprétz vielleicht méi liicht ze verkraften ass.

Vun 15,00 Euros pro Mount un sin selbstverständlech d'Memberskaart an d'WANDROUS gratis!

Wéi s'Du an Zwëschenzäit konns feststellen sin eng ganz Rei vun Memberen an Frënn nach èmmer mat Fréd dobái!

**Hinnen sief vun heiaus eng dekken MERCI gesoot!**

# Wandrous Publicitéit

Wandrous Publicitéit



Waat brauchs Du vir Geld ze spueren?\*



Loscht op schick Sportkléder oder Sportmatériel!

Eng gültig Memberskaart vun den LIONS BLEUS!




Den VIKING-ADVENTURES zu Tréier!



Paulinstrasse 25




D-54292 Trier



d'LIONS BLEUS  
kaafen beim  
**VIKING-ADVENTURES!**

\* op all Akaaf kris du 10% wanns du deng gültig Lions-Bleus Memberskaart weis!  
an zum Schluss vum Joér kritt den Groupe eng Ristrourne op dem Joresëmsatz!



[www.viking-adventures.de](http://www.viking-adventures.de)

# FNEL Pow-Wow

fir de ganze Grupp



...WOW 2019 bei den Munnerefer Mais



Dëst Joer ass de FNEL's Pow-Wow, wou sëch d'Scouten aus allen FNEL's Gruppen aus dem Land treffen bei de Munnerefer Mais zu Mondorf. Déi hieren 10-järegen Jubiläum feieren an wou si bei daer Gelegenheet och hiert neit Home um Site "Badboeschelchen" wärten kréien.

THEMA ass wéi am Titel ze liesen >>> POWER,  
also alles ronderëm ENERGIE mat mega AVENTURE & mat coolen AKTIVITÉITEN...



Wéini & wou: den 7.Juli 2019

RV

Départ: 09h00 Auer um Parking vun der Gemeng Mondorf  
Schluss: 16h30 Auer um Parking vun der Gemeng Mondorf

Präiss: 6€, sinn ze iwwerweisen bis spéistens den 1.06.2019\* op de Compte: Les Lions Bleus-Rover (BCEE IBAN LU83 0019 4955 9103 3000) mat der Mentioun: Pow-Wow'19 + Numm vum Kand.

Souche: ass oofzeginn bis de selwechten Datum \*!

Material: Tiptop Uniform, Foulard, klenge Rucksak mat Pic-nic, dem Wieder ugepassten Kleeder, Bidon mat Waasser, Becher, Kap, Sonnecrème an dem Wöllefchen séng 5 Saachen...



Heimat erlaaben ech ..... méngem Beaver, Wöllefchen, Scout,

Explorer, Rover ..... deelzehuelen um FNEL Pow-Wow den 7.7.2019 an iwwerweisen d'Suen & ginn Souche oof am Débai.

Ennerschrë : .....



# 1001 Nuecht am Sultan sengem Palast...



**Menu\*:**

**Sesame's Opening:** (Entrée)  
Buffet Découverte „Orientapas“

**Dem Djinn seng 3 Wönsch:** (Haaptplat)  
Bisaq (orientalësche Spiess): (au Choix)  
Menü 1: Poulet  
Menü 2: Kofte  
Menü 3: Vegetarësch  
begleet vun orientalëschen Zalooten  
a Gromperen

**Dem Jasmin sai Kuss:** (Dessert)  
Mangocrème mat séissem Kuch

**\*Praiss:** 20 Euro  
Apero inclus

**13**  
**07**

**Start**  
**18h30**

# 1001 Nuecht dem Ali Baba seng 40 Detailer...



**RDV Kanner**

um 16h00 beim Hóome LBB fir ze prouwen

**! Opgepasst !**

All Kand daat um Léiwefest'19 deelhëllt, muss och op der Souche mam Denü agedroën sinn an Tessen bestallt hun.

**Umellen an Iwwerweisen:**

20 Euro pro Denü bis den 1.Juli 2019 op de Kont  
Les Lions Bleus - Rover (BCEE LU83 0019 4955 9103 3000)  
mat der Dentioun „LF19+Familiennumm“.

**13  
07**

Heimat mellen ech ..... main BV / LX / SG / EX / RO .....  
fir d'Léiwefest'19, den 13.7.2019 un.


Ennerschrëft: .....

Heimat mellen ech ..... fir d'Léiwefest'19 ..... Leit un, an huelen folgënd Denü'er:  
.....  **Menü 1** (Apéro, Entrée, **Poulet**, Dessert) 20 Euro  
.....  **Menü 2** (Apéro, Entrée, **Köfte**, Dessert) 20 Euro  
.....  **Menü 3** (Apéro, Entrée, **Veggie**, Dessert) 20 Euro

Ennerschrëft: .....

# Gruppeversammlung

fir JIDDEREEN



!!! An 3 Stonnen ronderëm d'Welt !!!  
Fir gudd an déi nei Scoutsaison ze starten,  
mëcht den Leo Léiw gären eng Weltrees!  
Hien luet all séng Beaver, Wöllef,  
Scouten, Explorer & Rover-Kollegen vun Boune-  
weg an fir d'Welt kënnen ze entdecken! Do  
wärten MIR vill nei Kontinenter besichen an och  
vill Kulturen an Gebräusche kennendéieren!  
Den Leo Léiw ass op fir all nei Kultur!

Also gëff déng Souche séier oof an  
komm mat wann den Leo Léiw op Entdeckungsrees geet !!!

**Waat?** Gruppeversammlung 1.Versammlung vum Joërl  
**Wou?** Am Home LBB

**Wéini?** Den 21. September 2019 um 14.00 Auer  
**Schluss?** Den 21. September 2019 um 17.00 Auer



**Waat brauchs du?** Tiptop Uniform, Foulard, Bidon mat Waasser, dem Wöllefchen séng 5 Saachen, dem Wieder ugepassten Kleeder, etc...

**Praiss?** Eis Weltrees kascht naicht!  
Eenzeg Konditioun: Vill Motivatioun dobai hun, well soss wärt de Fliiger nüt starten!



Ech \_\_\_\_\_ mellen main  
Beaver/Wöllefchen/Scout/Explorer/Rover



fir d'Gruppeversammlung,  
den 21. September 2019 un.



\_\_\_\_\_  
Ënnerschrëft & Datum



# Montée

fir BV,LX,SG,EX



En neit Scoutsjoer fänkt un.  
Et gët grouss Beaver, Wöllef an Scouten,  
dèi den nächsten Schrëtt op hierem  
Scoutswee maan. Sou gët aus engem  
grousse Beaver e klengen Wöllefchen, aus  
engem groussen Wöllefchen e klengen  
Scout an aus engem groussen Scout e  
klengen Explorer.

Mell dëch also sèier un, fir déng  
Scoutskollegen op dësem Wee ze  
begleeden an zesummen e flotten  
Weekend ze erliewen.



**Wèini:** 5.-6.Oktober 2019

**Wou:** beim Home Lions Bleus

**Rendez-Vous:** 5.Oktober 2019 um 14h00 beim Home

**Retour:** fir Beaver: 5.Oktober 2019 um 18h00 beim Home

fir de Rescht: 6.Oktober 2019 um 15h00 beim Home

**Präiss:** 20,00 €, bis den 28.September 2019 op den Compte vun den  
**Les Lions Bleus - Rover** (BCEE IBAN LU83 0019 4955 9103 3000) ze  
iwwerweisen, mat der Mentioun: Montée2019 + Numm vum Participant.

>>> Beaver brauchen nix ze bezuelen, **ausser dèi BV dèi d'Montée**  
**maan, mussen 20€ bezuelen.**


**Souche:** Ass bis spéidstens den 28.September 2019 bei dèngem Chef oofzeginn !!!

**Waat brauchs du alles:** Uniform, Schloofsaack&Carrymatt, Täschenluucht&Täschenmesser,  
Bidon, Ersatzkleeder, Wäschsaachen, Biergschong...

d'Cheffenéquipe



Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche



Ech ..... erlaaben  
mèngem Beaver/Wöllefchen/Scout/Guide/Explorer

.....  
un der Montée 2019 vum 5.-6.10.2019  
zu Bouneweg deelzehuelen.



.....  
Énnerschrëft vun den Elteren

# VIIZ-WE & ÄPPELSTUFF

fir SG/EX/RO



An der Hoffnung dass mir dëst Joér méi Aeppel hun, maachen mir erëm een ViizWeekend. Samsdes gesinn mir eis moies fréi ier d'Sonn opgeet am Home fir dann zesummen duerch onst Ländchen ze fueren, op der Sich no deenen schéinsten an beschten Aeppel. Se ginn geraaf an geplèckt, d'Beem gi gerëselt an geheemelt. Sonndes dann ginn d'Aeppel raséiert, gewäsch, geschnidden, gehäckselts, gekeltert, gestérliséiert, gedronk an giess.

**Looss dir deen Gaumenschmauss  
nët entgoën !!!**



## RENDEZ-VOUS & RETOUR:

19. Oktober 2019 um 8:30 Auer

20. Oktober 2019 ab 16:30 Auer  
jeweils beim Home LBB.

**>>> Ab 15:00** Auer sinn d'Elteren härzelächst op e Patt frëschgespresste Viiz an e Stèck Aeppelkuch an eis Äppelstuff (Alles fir 1€) angelueden & **natiirlech och BV & LX mat Elteren & Frënn :**

**PRAISS:** 25 Euro sinn bis den 5. Oktober 2019 ze iwwerweisen op de Compte BCEE Les Lions Bleus -Rover (LU83 0019 4955 9103 3000)

**SOUCHE:** Ass oofzeginn bis den 5. Oktober 2019 bei dëngent Cheffen.

**MATERIAL:** dem Wieder ugepasste Kleeder, Gamelle, Besteck, Becher, Schlofsaack, fest Schong, Wäschsaachen, Schaffhännchen, ...



Ech \_\_\_\_\_

- ginn gären mat op den **Viizweekend 2019** vum 19.-20.Oktoper 2019.
- mellen mëch un fir d'**Aeppelstuff den 20.Oktoper** & mir kommen mat \_\_\_\_\_ Leit.

(Ennerschreft vun den Elteren)

# Programm Beaver

BV - Programm

## Juli

- 06. keng Versammlung
- 07. POW-WOW
- 13. LÉIWEFEST

**SUMMERVERAKANZ** > 13.07.-15.09.2019

## September

- 21. GRUPPEN-Versammlung (14-17Auer)
- 28. BeaverVersammlung

## Oktober

- 05.-06. MONTEE
- 12. BeaverVersammlung
- 19. BeaverVersammlung
- 20. evtl LBB ÄPPEL-STUFF fir Jiddereen,  
falls genuch Äppel do sinn ;)
- 26. keng Versammlung (Vakanz)

## November

- 03. keng Versammlung (Vakanz)
- ...



**Beaverklack**

Spitzki, Hawky, Keeo, Inia, Quagga, TicTac

# Programm Wöllef

LX - Programm

## JULI

- 06. keng Versammlung
- 07. POW-WOW
- 13. LÉIWEFEST

**SCHÉIN VAKANZ : ) : ) : )**

## SEPTEMBER

- 21. GRUPPEN-Versammlung
- 28. Versammlung

14:00-17:00


## OKTOBER

- 05.-06. MONTEE
- 12. Versammlung 14:00-16:00
- 19. Versammlung 14:00-16:00
- 20. evtl LBB ÄPPEL-STUFF fir Jiddereen,  
falls genuch Äppel do sinn ;)
- 26. keng Versammlung (Vakanz)

## NOVEMBER

- 03. keng Versammlung (Vakanz)

...



## Lènks Patt

Bagheera, Kaa, Baloo, Hathi, Tschill, Raschka...



# Programm Scouten SG - Programm



## JULI

06. keng Versammlung  
NUIT des BREVETS fir CP'en  
07. POW-WOW zu Mondorf bei den MM  
13. LÉIWEFEST

**SUMMERVERAKANZ vum 13.07-15.09.2019**

## SEPTEMBER

21. GRUPPEN-VERSAMMLUNG 14:00-17:00  
28. TruppenVersammlung 14:00-16:00

## OKTOBER

- 05.-06. MONTEE  
12. TruppenVersammlung 14:00-16:00  
19.-20. ViizWeekend (falls genuch Äppel)  
Sonndes > LBB Äppel-Kaffi-Stuff...  
26. keng Versammlung (Vakanz)

## NOVEMBER

03. keng Versammlung (Vakanz)



Tamia / Ketty / Charel & Aleksi  
**Lenks Pat**

# Programm RovEx RovEx - Programm

D`RovEx Branche, eng Branche vir Explorer, Cheffen an Rover bidd eis d'Meiglechkeet, méi Aktivitéiten mat enger méi grousser Unzuel vu Leit ze maachen. All Member am Alter vun 16-26 Joér ass wëllkomm hei matzeschaffen an un all eisen Aktivitéiten deelzehuelen.



D`Ziel vun der Branche ass et, nei Fréndschaften ze schléissen an bestehend Bekanntschaften ze festegen, mee och e Programm ze gestalten deen dem Alter entspricht an de Scoutsgeecht baibehällt an verdéiwt.

Méi Informatiounen bei dengen RovEx Cheffen...

## JULI 2019:

- 06. keng Versammlung
- 07. POW-WOW bei den MM zu Munneref
- 13. LÉIWEFEST
- 19. FNEL Rover OofschlossGrillen am Home FNEL
- 22.-3.08. JAMBOREE (USA)

## SUMMER-VAKANZ vum 13.07.-15.09.2019

## SEPTEMBER 2019

- 21. GRUPPEN-Versammlung
- 28. RovEx Meeting

## OKTOBER 2019

- 05.-06. MONTEE
- 12. RovEx Meeting
- 19.-20. VIIZ-WEEKEND (falls genuch Äppel)
- 20. ÄPPELSTUFF
- 26. keen Meeting (Vakanz)

## NOVEMBER 2019

- 03. keen Meeting (Vakanz)

...

**...More to come...**

Lénks TAP,  
Aer RovEx Cheffen



# RAPPORT ÉmweltSortie

Beaver

## ÉMWELT-Sortie um Misärshaff

den 30.März 19 zesummen mat den Wëll Sai vun Steesel...

Um 9 Auer haaten d'Beaver mat hieren Cheffen Rdv op der Staater Gare. Wéi se Alleguetren do waren hun d'Beaver schon grouss Aen gemach well d'Cheffen eng Tuut voll mat Mëllech an Jus Tetrapack dobai haaten. Komësch komësch.... Op der Gare kruuten së dun eng Postkaart vum Bibu, deen hinnen vill Spaass gewënscht huet. No puer Spiller hun mer dann den Bus op d'Stäreplatz geholl, wou mer uséch nach op d'Wëll Sai gewaard hun... Leider haat hieren Bus Verspéditung an mir hun den Bus op Rammeréch alleng geholl, géint 11 Auer an sinn dann endléch um Misarshaff ukomm, Uff!

Do ukomm hun mer puer witzeg Teamspiller gemaach, wou een huet missen deenen aaneren Beaver Vertrauen, waat jo ganz wichteg ass an enger Colonie. Géint 12 sinn d'Wëll Sai dann och endlech ukomm, dann hu mer als alleréischt mol zesummen gesongen an giess.

Nodeems mer all gudd saat waren, hun mer Kenneléierspiller gemaach, domat jiddereen den Numm vum aaneren wees. Als éischt People Bingo, an nach e Spill wou een een Numm zitt, an dann déi Persoun muss sichen...Dono hun mer déi éischt organiséiert Aktivitéit vum Emweltbadge gemaach. D'Kanner waren schon ganz gespaant wisou d'Cheffen tuuteweis Tetrapacks dobei haaten. Déi sinn fir e Portemonnaie ze bastelen! Zesummen hun mer eis bei d'Ecocabane gesaat an Schrëtt fir Schrëtt gebastelt. War bëssen schwéier, mee Jiddereen kruut daat awer gudd hin !

Nom laangem Bastelen hun mer nach bessen Fäckjes gespillt, an well ét sou een waarmen Daag war haaten mer eis eng Glace gudd verdingt ! Aii war dei gudd... ! Dun hun mer nach e Spill vum Badge gemaach, wou een huet missen verschidden Saachen aus der Natur sichen an fannen. Leider haaten mer keng Zeit méi fir daat drëtt Spill ze maan waat geplangt war, mee sou war ét och flott, mir haaten vill Spaass.

No eiser Chaine des Adieux sin d'Elteren d'Kanner sichen komm.

**misaershaff** centre de formation jeunes



# RAPPORT Ouschterweekend Meute

## Wöllefchers Ouschterweekend 2019: Thema Märercher

### Dag 1:

Mir hunn eis Samschdes Moies um 9 Auer op Gare getraff, an hunn de Great Howl gemaach. Duerno hunn mir op de Wee Richtung Beetebuerg gemaach. Do ukomm misste mir als eicht mol bis bei de Beetebuerger Park trëppelen. Wéi mir ukomm sinn, krute Wöllef als eicht emol 2 Quizer. Ee mat Märercher an ee mat Déieren. Kanner sollte während dem Dach, déi Quizer léisen. Am Park si mir Déiere kucke gaangen, déi Kanner och gefiddert hunn, a mir sinn op Spillplaze gaangen. Mir si géint 4 Auer aus dem Park eraus gaangen, hunn den Zuch an duerno de Bus geholl, a waren da géint 4 am Home. Am Home ukomm, hunn sech Kanner installéiert an duerno missten si a Gruppen en Sketch virbereede fir Veillée den Owend. Géint halwer 7 hunn mir dann och fir Owes giess. Nom iessen, hate mir dann och eis Veillée. Do hunn Kanner hier Sketcher virgestallt a mir hunn Lougarou gespillt. Mir hunn mat de Scouting och dobausse Vampirspill gespillt. No dem ganze Lafen, si Kanner dann och an Bett gefall.

### Dag 2:

Mir si mat engem flotte Frühsport, vun de Scouting organiséiert, an den neien Dag gestart. Wou mer dunn gutt wakereg a monter waren hunn zesummen zu Moies giess. Et gouf Schocki a Schmieren. No der Spull si mir eis Rucksäck apake gaangen a krute vum Kaa gewise wéi een säi Rucksak an de Scouting richteg paakt. Dono goufe mir an dräi Gruppe gedeelt fir e Märercher Gänsespill dobaussen op der Wiss ze maachen. Dofir hu mir missten eist Wëssen iwwert Märercher änner Beweis stëllen an eisen Teamgeesch souwéi Geschécklechkeet bei verschidde Challangen beweisen. Zum Beispill misste mir wéi d'Aschenputtel d'Äsche vun de Lënsen trennen, just des Kéier waren et Smarties di mir mat Chopsticks missten de Faarwen no sortéieren. Oder mir missten der Prinzessin hire gëllene Ball aus dem "Pëtz" fëschen ouni dran ze falen. Deen am schnellsten d'Froe richteg beantworte konnt, an d'Spiller bestanen hat ass dann och um Spillfeld am schnellsten um Ziel ukomm. D'Ekipp vum Levi, Arthur an Isaline huet gewonne gehat. No dem flotte Gänsespill hu mir zesummen mat de Scouting Pack-Alu um Feier gemaach. Mir konnte selwer decidéieren wat mir an eise Pack-Alu wollten dra maachen. Et goufe Gromperen, Gehacktes, Kéis, Eeër, Geméis a Nuddelen zur Auswiel. Dono huet de Baloo se dann an d' Glous vum Feier geluecht an mir hu gewaart bis se prett fir z'iesse waren. Nom Mëttegiessen hunn mir zwee Atelier'en gemaach. Beim Raschka a beim Bagheera konnte mir eisen eegenen Zauberstab bastelen a beim Tschill a beim Kaa hu mir e Liefkuchenhäische gebaut an dekoréiert wie der Hex hiert Haus am Märchen Hänsel und Gretel. An do war et och schonn 16:00 an d'Eltere waren do.

### Raschka



# RAPPORT Ouschterweekend Beaver



## BV Ouschterweekend\_2019 04 19-20

Um 13:30 hun mir eis op der Gare Centrale getraff. Kuerz drop hun mer den Bus op Schëtter geholl. Géint 14:30 waren mer dann endlech do.

D'Cheffen hun de Beaver erzielt dass den Browser do war an eis en Bréif hannerlooss huet. Den huet den Hawky virgelies nodeems en fonnt gouf. Den Browser huet geschriwwen dass mer et net packen géifen genuch Stären ze sammelen fir d'Prinzessin ze retten déi hien gefaangen huet. Mee natierlech packen mir dat hu mir eis gesot! Ugefaangen hunn mer mat engem Gånsespill mat Froen iwwert den Mario an seng Kollegen.

Do hunn d'Beaver vill Infoe iwwert déi gesammelt an och schonn den éischten Stär den bemol opgetaucht ass. Déi zweet Aktivitéit waren Bastelen. Als éischt hunn mer eng Feierblumm gebastelt déi ganz schéin ginn sinn. Dann haten d'Beaver de Choix teschend engem Mario Schnurri an enger Peach Kroun. Dofir krute mer nees en Stär. Wei mer dunn alles geraumt haten an eisen zweeten Stär opgepecht haten hunn mer all zesummen eist Owendiessen préparéiert. Als Haaptplat gouf et Toad Pizza, an als Dessert Choconana. Als Ofschloss vum Dag hunn mer een Nuetsspill gemaach wou d'Beaver mat Glow Sticks sech an en Labyrinth gestierzt hunn. Dofir krute mer eisen drëtten Stär! Wei Nuetsrou war, waren d'Beaver leider nach net ganz midd. Dowéinst sinn mer nach bëssen raus lafen gaangen fir déi lescht Energiereserven opzebrauchen.

Fir den nächsten Moien kéint een sou soen dass d'Beaver d'Cheffen aus dem Bett gerëselt hunn. Si waren zimlech frei warkrech an haart, méi frei wei um Plang stoung. No bëssi Frühsport gouf et dann och Früstück. Do hun mer eisen 4ten Stär fonnt! Nom Spullen an Botzen hunn mer Mario Party gespilt, puer Mini Spiller wei zum Beispill Bowling, Bommeballspill an Loftballonspill. An zack den nächsten Stär ass do! Nom Mëttegiessen kruten d'Beaver nach 5 Extra Bonussterendehler dei 1 Stär sinn.

1 Deel fir dass mer all gesond giess hunn, 1 well mer dat ganzt Home zesummen gebotzt hunn, 1 well mer alleguer Spaass haben um Weekend, 1 well jiddereen bei eis bliwwen ass an keen Heem wollt, an den leschten kruten se vun der Prinzessin ènnert der Dier duechgeschuewen. Dann konnte mer endlech déi verschlossen Dier op maan an d'Prinzessin retten! Endlech! No der Chaine des Adieux sinn mer heemgaange.



# IMPRESSIONEN Sixplo

Meute



# RAPPORT NuetsRally 'LOST' Cheffen



## LOST IN THE DARKNESS

Mir hun eis um 7 Auer Owes um Depart getraff, an kruten als eicht emol all Informatiounen. Wéi all Joer kruten mir och deen super flotten Becher. Als eicht, kruten mir e Froebou, deen mir ausgeföllt an um nächsten Posten ofginn missten. Op all Posten kruten mir een néien Froebou fir auszefällen! Op deenen Froebéi, missten mir zum Beispill Kraider erëm erkennen, Metrosstatiounen erëm erkennen, Flaggen von Länner erkennen asw. Op de Posten, missten mir verschidden Aufgaben als Equipe léisen. Zum Beispill misste mir een Hindernissparcour léisen, an Verschidden Lidder erëm erkennen. Zum Schluss hun mir souguer engem verletzten Igel gehollef nees de Wee zréck an de Bësch ze fannen. Obwuel et fierchterlech gereent huet, an mir allegueren naass ginn sinn, huet et eis alleguer awer vill Spaass gemaach, an mir freeën eis op nächst Joer! **Adrien**



# RAPPORT FNEL FunDay

Beaver




...FNEL\_BV FunDay...  
den 11.05.2019

Moies hun mer eis um Parking beim Home getraff. Well et souvill gereent huet, ware mer all ganz deck ugedoen mat Bulli Box , Stiwelen an Reenjacket. Wei mer alleguer do waren, si mer zu Fouss den Intecher nogetreppelt bis bei d'Home. Nodems mer nach wichteg Infos vum Bibu kruten konnt den Beaver Fun Day offiziell lass goen. Als eischt hun mer den Posten mat engem Vertraunsspill gemach wou mer d'Deckelsmouken getraff hun an eis mat hinnen zesummengeschloss hun.



Zesummen hun mer also den Posten gemach wou een Beaver am Holla Hop steht , an dei aner hien feieren mussen. Dono hu mer den Posten mam Verspriechen gemach. Well mer nom Posten lessen wollten, awer am Dreschnen, sin mer an d'Home gang. Well den Bibu jo Gebuertsdag haat, hun mer all gesong an Kuch gies. Wei mer all gut genammst hun, hun mer zu puer Gruppen den Waka Waka Danz geübt. Nom Danzen ware mer rem gut warm an dreschen an hun eis rem raus an den Reen gemach fir nach den Een oder Aneren Posten ze machen. Nach emmer waren mer mat den Deckelsmouken ennerwee. Becksenscheissen an Menschenmemory waren den Hit bei eisen Beaver.

Zum Schluss huet sech jiddereen mat an den Krees gestallt. Zesummen gouf nach eenmol Happy Birthday gesungen an Awar Awar an dann war et schon Zeit fir heemzegoen.



# PHOTOSÄIT RO-Weekend

Rover



**IMPRESSIOUNEN vum  
LBB RO-Weekend  
,summer edition'**



## RAPPORT BaackAktion Scouten&Explorer



### Rapport Baacksortie SG/EX den 18.05.2019...

Et gëtt nüt vill ze soën...  
Mir hunnAllegueren super gudd  
geschafft, hun e flotten Daach  
zesummen verbruecht...an hun  
schlussendlech natirlech nach  
verkaaf.

All Suen déi duerch d'Verkaafen an  
d'Kees komm sinn, ginn fir een  
gudden Zweck gespennt.  
Mir wärten een Don maan un eis  
ONGD-FNEL fir eis Projet'en am  
Ausland vun eis ze énnerstëtzen...

Huet séch also gelount...  
E grousse Merci geet un Jiddereen  
deen do war, gehollef huet oder  
Kichelcher kaaf huet !

Well ouni lerch wär daat soss nüt



# RAPPORT Pëngshtcamp

Grupp

## Fréier wor alles besser... ... oder och nët?


### Paischtgruppencamp 2019 zu lechternach

#### Éischten Daach

Scouten an Explorer hunn sech Samschdes Moies um 9 Auer op der Gare getraff a sinn op den Trajet geschéckt ginn. Um 2 Auer hunn sech Wöllef op der Gare getraff an hunn de Bus Richtung lechternach geholl. Beim Home ukomm, huet jidderen eng Hand mat ugepaakt fir Zelter opzeriichten. Scouten haaten sech leider e bessen verlaaf a sinn e bessen méi spéit ukomm, waat dozou gefouert huet, dat Kichenkonstruktioounen reicht den Dach drop opperiecht gouffen. Während mir op Scouten gewaart hunn, hunn Wöllef e puer Scoutstechnique gemaach. Si hunn Kniet a Féier gemaach, kruten e puer iwerliewenstechnique gewisen a konnte Badger maachen. Well eist lessen e bessen méi laang gedauert huet, hunn mir Nuechtsspill virum lessen gemaach. Beim Nuechtsspill, missten Kanner Cheffen fänken, an hier Froen beäntwereren. Bei all richteg Fro, kruten sie eng Kärtchen. Domadden konnten sie verschidden Saachen "kaafen" fir een Féier unzefänken. Ziel vum Spill wor et, een mat Waasser gefellten Ballon, matt Féier, zum plaatzen ze bréngen.. No deem villem gelaafs, gouff et dann och endlech eppes ze lessen. Et gouff selwer gemaachten Gyros, deen immens lecker wor. Duerno, hunn ma eng Spullstross gemaach an no enger klenger Geschicht fir Scouten, an eng Traumreise fir Wöllef, sinn ma alleguerten midd an den Schloofsaack gefall.

#### Zweeten Daach

Mir sinn Moies gutt ausgeschlof um 8 Auer erwächt. An fir nach méi fit ze ginn, hunn mir ee Frühspor gemaach den vun eisen Sixer organiséiert guff. Duerno ware mir alleguerten hongereg am hunn fir Moies giess. Et goufe Schmieren. Nodeems mir eis Chargen gemaach haten, hunn mir alles virbereed fir Sportsolympiad. Kanner goufen an Equuppen agedeelt a misste verschidde Sportsaktivitéiten sou gutt wéi méiglech maachen. Si missten duerch Hindernisser lafen, Aufgabe léisen an als Equuppen zesumme schaffen. Zum Schluss, huet dann och eng Equipe gewonnen.



# RAPPORT Pëngshtcamp

Grupp



No deem ustengende Moien, gouf et Mëttes dann och ee gudden Nuddelgratin. Scouten an Explorer hunn deen op hirer Kichenkonstruktioen gekacht, a Cheffen hunn een an der Remorque-Kichen fir Wöllef an sech selwer gekacht. Nom lesse gouf dann nees alles gebotzt a geraumt an dann hunn mir mam Programm weider gemaach. Mëttes, hunn mir eng kleng Kiermes gemaach. Héi hunn mir verschidden Aktivitéité ugebueden, a Kanner konnten da frei goe wou se wollten. Mir haten zum Beispill e Poste wou Kanner Stockbrot maache konnten, een anere wou se hier eege Badger maache konnten... Héi missten si awer och ee Sketch virbereede fir Owes. Scouten sinn och een klengen Höhlensystem, net weit vun der Campplaatz, kucken gangen. Géint der Owend, hunn mir nees ugefaange mat kachen an hunn géint 7 fir Owes giess. Et gouf eng Baurenzalot. Owes hunn mir dann eng gemitterlech Veillée gemaach. Do hunn ma Lidder gesongen, Marshmallow giess, eis Sketcher virgestallt an Häerzblat gespillt. Duerno si ma allegueren an Bett gangen.



Drëtten Daach

Fir de leschten Daach, hunn mir Moies alles ofgeriicht a gepackt, an hunn eis ee Picknick gemaach. Mëttes hate mir ee Stadtspill zu lechternach gemaach, wou Kanner verschidde Platze fanne missten a verschidde Froebéi ausfälle missten. Géint der Mëttes, hunn mir beim Séi gepicknickt. Beim Séi, hunn mir et eis dann och gutt goe gelooss, bis mir da géint 4 a Richtung RDV fir Eltere gaange sinn.




# Lions Bleus NEWS

Lions Bleus News



## POSTKAARTEN fir LBB

Fiirs du demnächst an Vakanz...  
an wëlls den Lions Bleus gär eng flott Postkaart  
schècken?  
Dann zèck nüt laang an schèck së op:  
**Les Lions Bleus BP 23 L-5801 Hesperange**  
Mir gëifen eis jidderfalls freen an së an der  
nächster Wandrous publizéieren.  
**Also e Grond mèi > fir eng Vakanz :):)**



# WOSM & fnel NEWS

WOSM&fnel News



**FNEL SCOUTS-SHOP**  
**Nouv.Adresse:**  
61A, rue de Trèves  
L-2630 Cents  
Tel: 26 48 04 50

JOURS d'Ouvertures:  
**17:00 - 19:00**  
Den ScoutsShop ass **ëmmer**  
**Donneschdes** op, ausser  
während den Schoulvakanznen!!!

## ALLGEMENG Datumer:

- |                |                               |
|----------------|-------------------------------|
| 06/07/2019     | Nuit des brevêts              |
| 07/07/2019     | POW-WOW                       |
| 10/07/2019     | COGRO                         |
| 19/07/2019     | RO-OofschlossGrillen          |
| 20/07/2019     | Journée pédagogique Formation |
| 22/07-02/08/19 | JAMBOREE (USA)                |

- |               |                         |
|---------------|-------------------------|
| 23-25/08/2019 | RO Hunt-It              |
| 04/09/2019    | COGRO                   |
| 12/09/2019    | Assemblée générale FNEL |
| 15/09/2019    | Réunion des chefs       |
| 18-20/10/2019 | JOTA-JOTI               |
| 25/10/2019    | Soirée CG               |

# LBB-Shop

fir jiddereen

An eisem **SHOP** vun de **Lions Bleus** am Home LBB zu Bouneweg ginn ét folgend Saachen ze kaafen:

## STARTER PACK

T-SHIRT  
&  
HOODIE  
VIR 30 EURO

(All Member kritt dëst  
eemol vir 30 EURO,  
amplaatz vu 40 EUR  
déi zwee zesummen)



T-shirt 15€



Kniet 5€



Pullover 25€



Foulard 5€

and many more to come...


Am **LBB-Shop** an eisem Home kriss du Gruppensaachen ewéi **Hoodie, T-Shirt, Foulard & an nach villes mèi.**

Du kriss also Alles waat mat de Lions Bleus ze dinn huet, awer och Kniet fir an däin Foulard, Scoutsbichelecher ewéi och de Vademecum...

Fir däin Uniformshiem ze kaafen, muss du an d'FNEL op den Cents fueren. Do kriss du och all d'Badger déi sollen op dénger Uniformsinn.

Déi Saachen déi hei op-gelëscht sinn an der Zeechnung sinn Pflicht op der Uniform an gehéieren zum Beaver, Wöllefchen, Scout, Explorer, Rover wéi den Kapp um Hals, vum Foulard bis d'Box.

Dän éische Foulard kriss du vun déngem Chef iwwereecht. Dozou gehéiert de richtegen Kniet aus brongem Lieder. Dësen muss du émmer an de Scouter unhun, soss muss du déi Kéier drop e Kuch matbringen.




# Dem LEO LEIF séng Säit

Leo Léiw



Was spielen Kinder in anderen Ländern? Max macht sich auf die Suche. Seine erste Station führt ihn nach Afrika. Da lernt er Kalaha kennen. Ein paar Bohnen, ein paar Löcher in die Erde drücken – und los geht das spannende Spiel!



Viele Kinder in Afrika haben kein Geld für teure Spiele. Also spielen sie mit einfachsten Mitteln.

Max hat herausgefunden, dass das genauso Spass macht wie Video- oder Computerspiele. Und man kann erst noch gemeinsam mit Freunden spielen!

## So spielt man Kalaha

**Vorbereitung:**  
Das Spielfeld besteht aus 2 Reihen mit 6 Mulden und zwei Sammelfeldern. Die vordere Reihe und das rechte Sammelfeld gehören dem Spieler Nummer 1. In jede Mulde kommen 4 Spielsteine.

**Spieldurchlauf:**  
Der Spieler Nummer 1 beginnt und wählt eine seiner Mulden aus. Aus dieser Mulde nimmt er alle Steine und verteilt sie gegen den Uhrzeigersinn auf die nächsten Felder. In jede Mulde kommt ein Stein. Auch in

das eigene Sammelfeld kommt ein Stein, falls es an die Reihe kommt. Nur das gegnerische Sammelfeld wird ausgelassen. Das macht man so lange, bis alle Steine zusammen zählen.


**So geht's:** Schneide von dem Eierkarton den Deckel ab. Fülle in jede Mulde 4 Spielsteine. Die Schalen stellt du einfach links und rechts neben den Eierkarton. Das sind deine Sammelfelder. Wenn du keinen Eierkarton hast, kannst du auch einfach Kreise auf ein Blatt Papier zeichnen.

Es gibt viele verschiedene Arten und Namen von Bohnenspielen. Meist spielt man sie zu zweit und verwendet Bohnen oder kleine Steine als Spielfiguren. Das Spielbrett ist fast immer ein Holzbrett

Kinder aus Kenia haben in ein paar Löcher in die Erde gedrückt, um ein Mancala zu spielen. Kaka gilt einem alten Spiel aus Holz.

Spieler alle Steine der gegenüberliegenden gegnerischen Mulde nehmen und zusammen mit dem letzten gelegten Stein in das eigene Sammelfeld legen.

**Spieldurchlauf:**  
Das Spiel ist beendet, sobald einer der Spieler keinen Stein mehr in seinen Mulden hat. Gewonnen hat derjenige, der die meisten Steine gesammelt hat. Dabei darf man die Steine im Sammelfeld und die Steine aus den eigenen Mulden zusammen zählen.



# LEO LEIF spielt Kalaha!



# **et schéngt**

**et schéngt**

- 01)wèi wann mir, niewt den wäissen Wellëf am Beetebuerger Park och nach e bringen Wollëf dobai haaten.  
02)wèi wann de Beetebuerger Park nei Atraktioune ze bidden huet, sou och Spillplaatz mat dem Waasserfall.  
03)dat eis Wöllef um dësjähregen Sixplo 2000 Joér zeréck an Vergaangeheet getaucht sinn zu Munnerëf.  
04)wèi wann Lëtzebuerger Scouten dës Joér hierem langjähregen Chef Scout hun missten EDDI soën 9  
05)wèi wann den Beaver hierem Bibu sëng Gebuertsdaagparty eng zimmlech naass Fete ginn wor.  
06)dat Lions Bleus mat der CheffenEkipp och dës Joér mat um LOST (Nuetrallye MW&PI) mat dobai worn.  
07)wèi wann eis Cheffen um Nuetsrallye ,Lost' een verletzen & liichtveriirten ligel fonnt haaten.  
08)dat eis Rover och dës Joér ugangs Mee (normalerweis am gudden Wieder) nees hieren Weekend haaten.  
09)wèi wann op der BaackAktion Scouten an Explorer richteg Gaz ginn haaten, vill gebaack & verkaaf kruten.  
10)wèi wann eis Scouten um Pëngshtcamp e bësselchen ze gemiddlech getréppelt sinn op hierem Traget.  
11)dat d'Owesiessen (Kebab um Spiess) um 1.Daag vum Pëngshtcamp op sëch waarden gelooss huet.  
12)dat ét um Pëngshtcamp anscheinend eng kleng Iwwerschwemmung op den Toiletten ginn wor.  
13)wèi wann Lions Bleus & Mamer Wiselen nom Summercamp Sail letz Joér nach e kl.Oofschloss haaten.  
14)wèi wann eisen Scouten hier Patrullenrëim nei gemaach ginn an Sie och fonkelei Miwwel kréien géifen.  
15)dat LionsBleus zesummen mat den MW op dem FNEL RO BeachVolleyball Tournoi présent wornen.  
16)wèi wann de Faackelzuch normalerweis eng ganz flott Saach ass fir Jiddereen an een sëch freet fir mat.  
17)dat eisen LBB Grill um Virowend vun Nationalfeierdaag an der Groussgaass nees ganz gudd besicht  
18)wèi wann eisen Shop an nächster Zukunft nach deen een oder aaneren Iwwerraschungartikel wärt kréien.  
19)wèi wann FNEL RO Ekipp den Hunt-it aus dem Joér matzen an Summervaknz geluecht hätten.  
20)dat Enn Juli eng grëisser Délégatioun lëtz. Scouten (FNEL&LGS) op den Jamboree an USA fueren.  
21)wèi schlussendlech een laangt & flott Scoutsjoërs esou lues & lues (nom Lèiwefest) op een Enn geet.

# **et schéngt nüt nemmen**

**et schéngt nüt nemmen**

- 01)dat de Wollëf nüt fir ze spiller do wor, mee leider riisegen Honger haat an eist Rotkäppchen iessen wollt.  
02)dat deen gudd ukomm wor bei den LX, virunallem engem deen doduerch gelaaf ass bis e zoppnaass wor.  
03)wèi wann Sie d'Rèimer getraff hun an mat hinnen zesummen ausgetosch & Zaubertrank gedronk hun.  
04)dat mer all Zesummen him nach dëi letzen Éier erdeelt hun mat eisem kollektiven Stärelaaf an Staat.  
05)dat sie sëch nüt drun stieren gelooss hun an tapfer dem Wieder&Reen getrotzt an weidergefieert hun.  
06)wèi wann ganz vill Spaass mat um Start wor (trotz deem villen Reen) an mer énnert TOP 10 komm sinn.  
07)dat Sie him direkt 1.Hëllef geleescht hun an dono gehollef hun de Wee zeréck an den Bësch ze fannen.  
08)wèi wann ét kee schlecht Wieder gët, just eben schlecht Kleedung...soumat also keen Thema bei hinnen.  
09)dat ét sëch gelount huet an vill Suen sou zesummen kruten déi un eis FNEL-ONGD wärt gespend ginn.  
10)dat Sie dofir leider Daag drop eng cool Olympiad verpasst hun, welll Sie hier Kichen oprichten missten.  
11)wèi wann mir dofir den Programm geswitcht hun an ganz einfach Nuetsspill virum lessen gemach hun :)  
12)wèi wann dësen klengen Problem am Sanitaire awer ganz schnell behuewen gouf.  
13)dat Sie dofir een flotten Ausfluch ,Sail-Away' zesummen an PhantasiaLand (D) gemeet haaten.  
14)dat d'Scouten dofir och schon richteg flaisseg wornen an geraumt, respektiv kräfteg ausgemëscht hätten.  
15)wèi wann daat nüt sou schlecht funktioniert huet, an Sie eng excellent 3.Plaatz gemeet hun...  
16)dat daat Ganzt vun Joér zu Joér émmer manner gët an ét sëch baal nüt mèi lount fir mat ze maan :(  
17)wèi wann eisen DJ Fish wiirklech ALLES ginn hätt bis zum Schluss bis keen mèi danzen/stoën konnt.  
18)dat awer schon ganz fonkelnei LBB Akaaftuuten erhältlech wieren an Kaapen och demnächst dispo sinn.  
19)dat lo keng Excuse mèi mat Schoul besteet an een sëch lo schons den 23-25.08.19 notieren sollt...  
20)dat mir hinnen ganz vill Spaass & Erfahrungen wünschen an dat Sie mat villen Ideen heem kommen.  
21)dat eis Cheffen&Comité Ekipp all sëngen Memberen eng schéin Vakanz wünscht an bis am September :)

# **les amis des Lions Bleus**

**amis LBB**

M.Schintgen Claude, Goebbels Joanne, Melle Meyer Arlette, MM Majerus Tina, Mchale Evelyn/Drennan, MM Fay-Bisdorf, M.Sinner Robert, Fam.Klein-Schmit, Anonyme, MM Majerus Patrick, MME Federmeyer Berthe, M.Grin Joe, M.Rohmer Kevin, MM Heinen Gerard, Thibo Charles, Famille Reiners, Fam.Zimer, Fam.Engel, M.Minn Claude, Fam.Theisen/Jhang Katia, ...

# 3 Mèintprogramm

# 3 Mèintprogramm

juli'19

Me	1
Dë	2
Më	3
Do	4
Fr	5
Sa	6 keng Versammlungen
So	7 FNEL POW-WOW
Me	8
Dë	9
Më	10 Comité & Oofschlosslessen
Do	11
Fr	12 Préparatioun & Oprichten LF
Sa	13 LÉIWEFEST
So	14 SUMMER-VAKANZ 13/07-15/09/2019
Me	15
Dë	16
Më	17 CH Bilan ScoutsJoër 18-19
Do	18
Fr	19
Sa	20
So	21
Me	22
Dë	23
Më	24
Do	25
Fr	26
Sa	27
So	28
Me	29
Dë	30
Më	31

september'19

So	1
Me	2
Dë	3
Më	4
Do	5
Fr	6
Sa	7
So	8
Me	9
Dë	10
Më	11
Do	12 FNEL AG
Fr	13
Sa	14
So	15 FNEL Réunion des chefs
Me	16 SUMMER-VAKANZ 13/07-15/09/2019
Dë	17
Më	18
Do	19
Fr	20
Sa	21 GruppenVersammlung 14-17 Auer
So	22
Me	23
Dë	24
Më	25
Do	26
Fr	27
Sa	28 BV/LX/TV/R-EX
So	29
Me	30

oktober'19

Dë	1
Më	2
Do	3
Fr	4
Sa	5 GRUPPEN-MONTEE
So	6 GRUPPEN-MONTEE
Me	7
Dë	8
Më	9
Do	10
Fr	11
Sa	12 BV/LX/TV/R-EX
So	13
Me	14
Dë	15
Më	16
Do	17
Fr	18
Sa	19 BV/LX SG/EX/RO VIIZ-WEEKEND
So	20 SG/EX/RO VIIZ-WEEKEND ÄPPELSTUFF fir JIDDEREEN
Me	21
Dë	22
Më	23
Do	24
Fr	25
Sa	26
So	27
Me	28
Dë	29
Më	30
Do	31

# Allerläscht Wandrous - Säit

[www.lionsbleus.lu](http://www.lionsbleus.lu)



fnel  
scouts & guides

Et wor emol een klengt sëisst  
Meedchen, daat all Mensch gären  
haat, am lèiwsten sëng Boma...mee  
du koum deen hannerlëstegeen  
Wollef aar ? ? ?



\* THAT'S ALL FOLKS